

29. Abrëll 1990

« UN D'GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE »

Text vun der Cantate

An haarde, schwéieren Zäiten, do koum Si op den Troun,  
a vill ze schwéier schéngt Hir ze sin déi Kinnekskroun.  
Fir d'Wuel vun eisem Vollek, fir eise Fortbestand  
huet Si se missten droen. Si wor nach bal e Kand.  
E Pränz wor Hir eng Hëllef: Op eisem eegne Grond  
koum nees e Stack un d'Bléien, dee ferm as a gesond.  
Mir haten „néngandrësseg“, Begeeschtroug uechtert d'Land:  
Si, d'Groussherzogin Charlotte, Si wor fir äis Garant  
fir Wuelstand a fir Fridden, fir Fräiheet a fir Recht.  
Mir woren ni sou eeneg. — Mä duerno goung et schlecht.  
Et koume batter Zäiten. Eis Heemechtsléift an d'Trei,  
déi mussten uereg bludden a wëller Barbarei.  
Mä an der déifster Däischtert huet äis e Stär geliicht,  
mat Hirer Stëmm vu London, do gouf et äis méi liicht,  
well Si, eis Groussherzogin, huet äis d'Gewëssheet gin,  
datt mir keng Sklave wiren, an ni der wäerte sin. —  
Déi Däischtert as vergaangen. Hell blénkt nees d'Fräiheetssonn.  
„Vive d'Groussherzogin Charlotte!“ koum d'Freed aus jidfer Monn.  
— Mat Léift an Iwwerzeegong, stoung d'Volek fest wéi ni,  
ëm Si an Hir Familjen, eis eegen Dynastie. —  
Dir huet äis misst verloossen, fir ëmmer, léif Madame.  
Et huet äis wéi gedoen, Dir wort äis wéi eng Mamm. —  
Haut steet Ärt Bild am Zenter, am Häerz vu Land a Stad;  
en Zeechen datt Ärt Vollek Iech ëmmer gären hat.  
Loosst äis nach eemol soen, Iech, eisem schéine Stär,  
wat mir nach ëmmer fillen: „Madame, mir hun Iech gär!“